piraten.lu

N°4478
Entrée le 16.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Bei all Baugeneemegung, déi méi grouss ass wéi eng fir en Eefamilljenhaus, muss virum Depot vum Baupermis en Avis vum CGDIS ageholl ginn.

Laut Informatiounen, déi mir zougedroe goufen, feelt et dem CGDIS u genuch professionelle Préventionnisten, sou datt och op Benevollen a Pensionären zréckgegraff gëtt. Doduerch kéinten sech d'Delaie fir esou en Avis substantiell verlängeren – an e puer Fäll op méi wéi 9 Méint, wärend den normale Standard bei 4-5 Méint läit. Sou laang wéi den Avis net virläit, kann de Baupermis net ausgestallt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Verfüügt den CGDIS iwwer Statistiken iwwert d'Delaie fir d'Ausschaffe vun engem Avis CGDIS?
2. Ginn et grouss Differenzen an den Delaien tëscht deenen eenzelnen Zonen ze verzeechnen? Wann jo, wat gëtt do konkret ënnerholl fir dat unzegoen?
3. Ass sech den Här Minister bewosst, wéi en Impakt dës Delaien op d'Planung vu Bauprojeten hunn?
4. Ass am Kader vum nationale Bautereglement virgesinn, e maximalen Delai festzehalen (nom Prinzip vum accord tacite)?
5. Ass virgesinn, am Kader vum nationale Bautereglement méi Gebaier vum Avis CGDIS z'exoneréieren, fir d'Charge de travail ze reduzéieren?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

6. Ass virgesinn, private Büroen d'Méiglechkeet ze ginn, esou Avise selwer ze redigéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten